N°3863
Entrée le 16.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 3863 vum 30. Mäerz 2026 vum Här Deputéierten Michel Lemaire.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Kerosinreserven vum Fluchhafen Findel.

***1)Iwwer wéi vill Lagerkapazitéit fir Kerosin verfüügt Lëtzebuerg um nationalen Terrain?***

Dat aktuellt Kerosinlager um Findel huet ee maximale Volume vu 6.900 m³. Dëst entsprécht ongeféier 3 Deeg Autonomie bei normalem Betrib vun den Operatiounen um Fluchhafen.

***2)Wéi vill Kerosin steet aktuell nach um nationalen Terrain zur Verfügung?***

De Volume vun dësem Stock variéiert am Moment staark, jee no deem Volume, dee kann duerch d'Pipeline geliwwert ginn, an deem, deen duerch d'Fluchgesellschaften erausgeholl gëtt. Am Duerchschnëtt läit de Stock bei ongeféier 4.000 m³, wat ënner normale Konditioune plus/minus 2 Deeg Autonomie entsprécht.

***3)Vu wéi enge Fournisseuren an aus wéi enge Länner gëtt Lëtzebuerg mat Kerosin beliwwert?***

D'Nimm vun den eenzelnen Importateure kënnen aus Confidentialitéitsgrënn net genannt gi, mee 2025 ass den Kerosin aus der Belsch, Frankräich an Holland op Lëtzebuerg importéiert gi.

***4)Wéi eng Liwwerunge sinn eise Kontrakter no an deenen nächste sechs Méint virgesinn? Gëtt et eng Kommunikatioun vun de Fournisseuren ob déi och kënnen agehale ginn?***

Dëse Kerosin gehéiert de Fluchgesellschaften, déi kommerziell Kontrakter mat verschidde Petrolsfirmen ofschléissen, déi si dann iwwert d'CEPS (Central Europe Pipeline) Pipeline mat Kerosin beliwweren.

***5)Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, wéi eng Gidder vum alldeegleche Bedarf (Hygiènesproduiten, Liewensmëttel, Medikamenter asw.) duerchschnëttlech a wéi enger Quantitéit mam Fliger op Lëtzebuerg geliwwert ginn?***

Eng Opstellung vun de Wueren, déi per Fliger fir de Gebrauch zu Lëtzebuerg geliwwert ginn, gëtt et net. Am Joer 2025 goufen um CargoCenter vum Findel 817.919 Tonne Fracht ofgewéckelt. D'Majoritéit vun dëser Fracht ass allerdéngs nëmmen am Transit, a gëtt duerno via Camione a ganz Europa verdeelt.

***6)Gëtt et Noutfallpläng, wéi eng Beräicher vun der Loftfaart am Fall vun engem Manktem (u Kerosin) prioritär versuergt ginn? Falls jo, wéi eng? Falls net, firwat net?***

Esou wéi fir all kritesch Infrastruktur gëtt et och fir de Fluchhafen e Noutfallplang, an deem awer keng prioritär Attributioun vum Kerosin virgesinn ass.

De weidere Suivi vun der aktueller Situatioun gëtt vun engem Coordinatiounsgrupp gemaach, deen d'Regierung rezent kréiert huet.

***7)Goufen auslännesch Fluchgesellschafte schonn informéiert, datt si zu Lëtzebuerg an den nächste Méint méiglecherweis nëmmen nach begrenzt tanke kënnen?***

En NOTAM (Notice to Airmen) gouf Enn Mäerz ausgestallt, dee sech un all d'Fluchgesellschaften adresséiert, déi zu Lëtzebuerg operéieren, fir esou mann ewéi méiglech Kerosin hei ze tanken.

D'Situatioun get permanent analyséiert vun Luxfuel, fir kënnen ze decidéieren, op dësen NOTAM eventuell kann ugepasst oder annuleiert ginn. Dësen gouf dann och elo dëse Mount verlängert.

Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes